ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2022

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten,

stellt fest, datt

_ d'Regierung e Gesetzesprojet iwwer eng COVID-Impfflicht virbereet huet;

_ datt a ville Länner schonn offiziell erkläert gouf, datt d'COVID-Pandemie eriwwer ass an datt och zu Lëtzebuerg praktesch all Schutzmoosnahmen opgehuewe goufen;

_ eng Impfflicht d'Recht vun de Leit fir iwwer hiren eegene Kierper ze verfügen a Fro stellt;

_ national ewéi och international eng grouss Diskussioun iwwer déi heefeg an zum Deel ganz gravéierend Impfschied duerch COVID-Impfungen entstanen ass;

ass der Meenung, datt

_ esou eng Impfflicht net ze vertrieden ass;

fuerdert d'Regierung op

_ definitiv all Virbereedungsaarbechte fir e COVID-Impfflicht-Gesetz ze stoppen.

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**